LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, an vum Här Innenminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°3597 vum 4. Februar 2026 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Ausnahmprozedur fir Astellungen an der Fonction publique"**

**1. Wéi vill Astellunge goufen an de leschten 10 Joren opgrond vun dëser exceptioneller Astellungsprozedur gemaach (opgeschlësselt no Ministère, Verwaltung, Gemeng, Gemengesyndikat, Etablissement public) an a wéi ee Grad an Echelon goufen dës Beamtinnen an deenen 10 Joer placéiert?**

Wat de Gemengesecteur betrëfft gëtt et keng statistesch Donnéeën iwwer d'Zuel vun den Astellungen no der spezieller Astellungsprozedur, wéi se am Artikel 2.6 vum Gemengebeamtestatut steet, respektiv iwwer d'Klassement vun de betreffende Beamten.

Wat de Staat betrëfft, sinn zanter 2017 am Ganzen 105 Rekrutementer iwwer den Artikel 2 (5) vum Staatsbeamtestatut gemaach ginn (cf. Tableauen). Virdru sinn déi detailléiert Zuelen dozou net erfaasst ginn.

| **2025** | |
|---|---|
| **Entitéit** | **Unzuel** |
| Administration de la navigation aérienne | 1 |
| Administration des contributions directes | 2 |
| Contrôle médical de la sécurité sociale | 1 |
| Inspection générale de la sécurité sociale | 1 |
| Ministère de l'Économie | 3 |
| Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | 1 |
| Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale | 2 |
| Ministère des Affaires intérieures | 1 |
| | Total: 12 |

| **2024** | |
|---|---|
| **Entitéit** | **Unzuel** |
| Armée | 1 |
| Administration des contributions directes | 1 |
| Inspection générale de la police | 1 |
| Ministère de l'Économie | 2 |
| Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | 1 |
| Ministère de la Justice | 1 |
| Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale | 4 |
| Ministère des Affaires intérieures | 1 |
| Police grand-ducale | 1 |
| Service de la formation des adultes | 3 |
| Trésorerie de l'État | 1 |
| | Total: 18 |

| 2023 | |
|---|---|
| **Entitéit** | **Unzuel** |
| Centre socio-éducatif de l'État | 1 |
| Haut-Commissariat à la Protection nationale | 1 |
| Inspection générale de la police | 1 |
| Ministère de l'Économie | 2 |
| Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | 1 |
| Ministère de la Justice | 1 |
| Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale | 1 |
| Ministère des Affaires intérieures | 1 |
| Service de la formation des adultes | 1 |
| | Total: 10 |

| 2022 | |
|---|---|
| **Entitéit** | **Unzuel** |
| Commissariat du gouvernement à la qualité, à la fraude et à la sécurité alimentaire | 1 |
| Contrôle médical de la sécurité sociale | 2 |
| Direction de la Santé | 1 |
| Inspection générale de la police | 1 |
| Ministère de la Culture | 1 |
| Ministère de l'Économie | 2 |
| Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité | 1 |
| Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | 1 |
| Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale | 1 |
| Office national de l'accueil | 1 |
| | Total: 12 |

| 2021 | |
|---|---|
| **Entitéit** | **Unzuel** |
| Contrôle médical de la sécurité sociale | 1 |
| Ministère de l'Économie | 5 |
| Office national de l'accueil | 1 |
| | Total: 7 |

| 2020 | |
|---|---|
| **Entitéit** | **Unzuel** |
| Direction de l'aviation civile | 1 |
| Direction de la Santé | 1 |
| Inspection générale de la sécurité sociale | 1 |
| Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | 1 |
| Ministère de l'Économie | 4 |
| Ministère d'État | 1 |
| Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale | 1 |
| Ministère des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et du Commerce extérieur | 1 |

| | |
|---|---|
| Ministère des Affaires intérieures | 1 |
| Ministère du Travail | 1 |
| Office national de l'accueil | 1 |
| STATEC | 3 |
| | Total: 17 |

| **2019** | |
|---|---|
| **Entitéit** | **Unzuel** |
| Administration des services médicaux du secteur public | 1 |
| Inspection générale de la sécurité sociale | 1 |
| Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture | 1 |
| Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil | 2 |
| Ministère de l'Économie | 1 |
| Ministère d'État | 3 |
| Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité | 1 |
| Ministère des Sports | 1 |
| Ministère du Travail | 1 |
| | Total: 12 |

| **2018** | |
|---|---|
| **Entitéit** | **Unzuel** |
| Agence pour le développement de l'emploi | 1 |
| Contrôle médical de la sécurité sociale | 6 |
| Ministère de l'Économie | 1 |
| Ministère d'État | 1 |
| Ministère des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et du Commerce extérieur | 1 |
| Police grand-ducale | 1 |
| | Total: 11 |

| **2017** | |
|---|---|
| **Entitéit** | **Unzuel** |
| Contrôle médical de la sécurité sociale | 1 |
| Inspection générale de la sécurité sociale | 1 |
| Institut luxembourgeoise de la normalisation, de l'accréditation, de la Sécurité et qualité des produits et services | 1 |
| Ministère de l'Économie | 1 |
| Ministère d'État | 1 |
| Ministère des Affaires intérieures | 1 |
| | Total: 6 |

| **2025** | | |
|---|---|---|
| **Grad** | **Echelon** | **Unzuel** |
| 15 | 11 | 5 |
| 15 | 10 | 2 |

| | | |
|---|---|---|
| 15 | 8 | 1 |
| 15 | 6 | 1 |
| 13 | 4 | 1 |
| 12 | 3 | 1 |
| 11 | 10 | 1 |

| **2024** | | |
|---|---|---|
| **Grad** | **Echelon** | **Unzuel** |
| 15 | 11 | 7 |
| 15 | 8 | 1 |
| 15 | 5 | 1 |
| 14 | 10 | 3 |
| 14 | 2 | 1 |
| 13 | 10 | 1 |
| 13 | 7 | 1 |
| 12 | 5 | 1 |
| 11 | 10 | 1 |
| 9 | 9 | 1 |

| **2023** | | |
|---|---|---|
| **Grad** | **Echelon** | **Unzuel** |
| 15 | 11 | 4 |
| 15 | 10 | 2 |
| 14 | 10 | 2 |
| 14 | 8 | 1 |
| 13 | 7 | 1 |

| **2022** | | |
|---|---|---|
| **Grad** | **Echelon** | **Unzuel** |
| 15 | 11 | 4 |
| 15 | 10 | 1 |
| 15 | 4 | 1 |
| 14 | 10 | 1 |
| 13 | 9 | 2 |
| 12 | 9 | 2 |
| 10 | 5 | 1 |

| **2021** | | |
|---|---|---|
| **Grad** | **Echelon** | **Unzuel** |
| 15 | 11 | 2 |
| 15 | 10 | 1 |
| 14 | 10 | 2 |
| 13 | 10 | 1 |
| 11 | 7 | 1 |

| **2020** | | |
|---|---|---|
| **Grad** | **Echelon** | **Unzuel** |

| | | |
|---|---|---|
| 16 | 11 | 3 |
| 16 | 9 | 1 |
| 16 | 8 | 1 |
| 15 | 9 | 1 |
| 15 | 8 | 1 |
| 15 | 7 | 1 |
| 15 | 5 | 3 |
| 14 | 10 | 1 |
| 14 | 8 | 1 |
| 13 | 8 | 4 |

| **2019** | | |
|---|---|---|
| **Grad** | **Echelon** | **Unzuel** |
| 15 | 11 | 8 |
| 14 | 11 | 1 |
| 14 | 5 | 1 |
| 13 | 4 | 1 |
| 12 | 9 | 1 |

| **2018** | | |
|---|---|---|
| **Grad** | **Echelon** | **Unzuel** |
| 16 | 11 | 5 |
| 15 | 11 | 4 |
| 14 | 10 | 1 |
| 12 | 7 | 1 |

| **2017** | | |
|---|---|---|
| **Grad** | **Echelon** | **Unzuel** |
| 15 | 11 | 6 |

**2. Wéi gëtt déi exigéiert professionell Erfahrung vun 12 Joer determinéiert?**

- **Gëtt hei einfach d'Zäit gekuckt, dass een 12 Joer aktiv war oder muss ee konkrete Lien do sinn mam Posten an deenen 12 Erfahrungsjoren?**

  Den Artikel 2.6 vum Gemengebeamtestatut applizéiert sech ausschliisslech op Kandidaten, déi e Bachelor oder e Masterdiplom hunn. Ugerechent ginn nëmmen déi Joren, déi ee geschafft huet nodeem een den akademeschen Diplom kritt huet. Déi professionell Erfarung muss och a Relatioun mam Profil vum fräie Poste stoen.

  De Staatsbeamtestatut gesäit vir, dass net nëmmen op d'mannst 12 Joer Beruffserfarung verlaangt sinn, mee och besonnesch Qualifikatiounen a Bezuch zum Posten.

- **Ginn d'Studiejoren an déi 12 Joer Experienz bäigezielt a mussen dës universitär sinn?**
  Nee, Studiejore ginn net ugerechent well se keng Beruffserfarung duerstellen.

- **Evaluéiert de Regierungsrot, respektiv de Gemengerot, no eegenem Ermiessen d'Erfarung oder no festgeluechtene Krittären?**
  Wann et sech ëm e Posten am Gemengesecteur handelt decidéiert de Gemengerot ob d'Erfarung vun engem Kandidat dem Profil vum Posten entsprécht.
  Beim Staat saiséiert den zoustännege Regierungsmember de Minister fir d'Fonction publique mat enger motivéierter Demande. Dëse mécht dann eng Propositioun fir de Klassement an der Employéskarriär an, fir de Fall vun enger spéiderer Nominatioun als Fonctionnaire, de Grad an Echelon an der Fonctionnaireskarriär. No dem Accord vum zoustännege Regierungsmember gëtt vum MFP de Regierungsrot mam Dossier saiséiert fir d'Decisioun fir dëse spezielle Rekrutement ze huelen. D'Formalitéiten (Kontrakt, Klassement, Nominatioun) ginn dono vun deenen Autoritéite geholl, déi normalerweis dofir zoustänneg sinn.

- **Ginn d'Krittäre fir dës 12 Joer Erfarung scho bei der Schafung vum Posten opgestallt oder eréischt bei der Astellung iwwert dës Prozedur?**
  Bei engem Posten am Gemengesecteur decidéiert de Gemengerot op Grond vun de Kandidaturen ob d'Prozedur vum Artikel 2.6 vum Gemengebeamtestatut applizéiert gëtt.
  Beim Staat ginn déi Posten och net ausgeschriwwe mat engem Krittär vu minimum 12 Joer Beruffserfarung. Dës spezifesch Prozedur ergëtt sech am Laf vun der Astellungsprozedur.

**3. Bei der Astellungsprozedur op der Gemeng muss, nom Vott vum Gemengerot, fir de Salarié à tâche intellectuelle nach eng Transmission obligatoire op den Inneministère gemaach ginn. Huet den Inneministère heifir eege spezifesch Krittären, fir déi professionell Experienz vun 12 Joer an déi spezifesch gefrote Qualifikatiounen z'evaluéieren, oder suivéiert den Inneministère d'Krittären déi vum Gemengerot fixéiert goufen?**

Den Inneminister kontrolléiert am Fall vun enger Astellung iwwer Artikel 2.6 vum Gemengebeamtestatut ob de Kandidat en akademeschen Diplom huet an ob déi 12 Joer Beruffserfarung sech no dem Zäitpunkt situéieren, wou de Kandidat säin Diplom kritt huet.

**4. Kënnen och Persounen, déi aktuell schonn am Staats- oder Gemengendéngscht schaffen (onofhängeg vun hirem aktuelle Statut) an d'Konditioune vun 12 Joer Experienz an déi néideg Qualifikatioune fir de fräie Poste matbréngen, iwwert dës Prozedur nei agestallt ginn?**

- **Falls jo, geet dat och an der nämmlechter Verwaltung?**
  Den Artikel 2.6. vum Gemengebeamtestatut gesäit fir dass Kandidaten, déi déi betreffend Konditiounen erfëlle vun enger Gemeng kënnen agestallt ginn. Dat bedeit dass et sech ëm e Kandidat muss handelen, den nach net bei der Verwaltung schafft déi dee fräie Posten huet. Deemno applizéiert sech den Artikel 2.6. op Kandidaten, déi aus dem Privatsecteur, vum Staat oder aus enger anerer Entitéit aus dem Gemengesecteur kommen.
  Wat de Staat betrëfft, ass et esou, dass eng Persoun, déi schonn als Employé an enger Verwaltung schafft, sech och op en Employés-Posten an enger anerer Verwaltung melle kann. Dëst ass méiglech well et fir esou e Wiessel keng speziell Prozedur gëtt (am Géigendeel zu de Fonctionnairë, wou d'Gesetz iwwert de Changement d'administration spillt). Fir déi Employéën net ze benodeelege géintiwwer zu externe Kandidaten, ass et och méiglech den Artikel 2 (5) spillen ze loossen. Et ass awer esou, dass an deem Fall net déi berufflech Erfarung beim Staat gerechent gëtt (well déi gëtt jo duerch d'Avancementer unerkannt), mee just déi, déi ee virdru konnt sammelen.

- **Falls nee, firwat net?**
  Wëll e Kandidat net dierf bei der Gemengenentitéit iwwer Artikel 2.6. als Beamten agestallt gin wou hie scho virdrun ënner engem anere Regime geschafft huet, ass et net méiglech déi speziell Astellungsprozedur op e Kandidat z'applizéieren, den zënter 12 Joer bei der selwechter Verwaltung agestallt ass. Dës Prozedur gëtt dem Kandidat Dispens vu Formatiounen am Service provisoire a vun allen Examen. Dofir wier och et net am Sënn vum Gesetz dës Prozedur z'applizéieren am Fall wou de Kandidat sech déi Beruffserfarung bei der selwechter Verwaltung ugëeegent huet. An dem Fall géif fir d'Verwaltung keng Plus-value duerch d'Beruffserfarung vum Kandidat entstoen.

**5. Firwat gëtt bei dëser spezieller Astellungsprozedur een Ënnerscheed tëscht Staat a Gemenge gemaach, andeems déi betraffe Persoun bei der Gemeng als Salarié a beim Staat als Employé d'Etat agestallt gëtt?**

Dee Moment, wou dës speziell Astellungsprozedur am Gemengesecteur agefouert gouf, war et nach net méiglech e Kandidat ënner dem Regime vum Employé communal matt engem zäitlech befriste Kontrakt anzestellen, esou wéi den Artikel 2.6 vum Gemengebeamtestatut et fir 1 Joer virgesäit. Dofir konnt de Gemengebeamtestatut och nëmme virgesin dass déi Kandidate als Salarié agestallt ginn ier se no engem Joer eng definitiv Astellung als Gemengebeamte kréien. Wëll en Employé communal eréischt no 10 Déngschtjoer ënner de Regime disciplinaire vum Gemengebeamte fält, bitt de Regime vum Employé communal dat éischt Joer no der Astellung engem Kandidat net méi Schutz ewéi de Regime vum Salarié.

Lëtzebuerg, de 10 Mäerz 2026

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes